

Gedanken zu enger méiglicher Fusioun tëschent de Gemengen Groussbus a Wal



D'Fusioun ass fir eis dee richtigen an domat och ee ganz wichtige Schrëtt fir d'Zukunft.

Mir sinn iwwerzeegt, dass als Fusiounsgemeng méi effikass ka geschafft ginn an domat d'**Serviceur un eisen Awunner** verbessert ginn. Et geet net nëmmen ëm méi laang Öffnungszäite vun der Administratioun, mee och ëm ee méi rationaalt Schaffen an alle Beräicher. All déi bestoend Serviceur ginn nitt verluer, am Géigendeel, se sollen ausgebaut ginn. D'Acquisitioun vu neie Maschinnen a Material fir de Service technique, wéi och d'Astelle vu Personal fir déi verschidde Serviceur si fir eng méiglech Fusiounsgemeng Groussbus-Wal méi einfach ëmzesetzen a kënnen dem Besoin ugepasst ginn. D'**Spuerpotential** ass deemno méi grouss a mat deene Sue wëlle mir d'Offer fir Iech, Grouss a Kleng, a ville Beräicher verbessern oder iwwerhaupt emol schafen.

Aktuell an zukünftig Ufuerderungen, déi un eis als Landgemenge gestallt ginn, sinn eleng nitt méi ze stemmen.

D'**Zukunft** gehéiert net méi deene ganz klenge Gemengen. E gewëssene Wuesstem vun der Populatioun ass wichtig. Et ass awer och net eise Wunsch, iwwer Nuecht ze explodéieren. Hei kommen zwou Gemengen zesummen, déi lues a lues kënnen wuessen an den Tempo am Bléck behalen.

Mir hunn eis als Schaffen op de Fändel geschriwwe fir en Aen op **Betreiungs- a Bildungsstrukturen** ze haalen. Et ass eis wichtig, dass eis Kanner och an Zukunft eng optimal Betreuung a Bildung kréien. Et ass eis Verantwortung, dofir ze suergen, dass déi dofir néidig Infrastrukturen zur Verfügung gestallt ginn. Allebéid Gemenge stoussen och hei un hier finanziell oder strukturell Grenzen! Als fusionéiert Gemenge sinn och hei realisierbar Projeten denkbar, souwuel an der Betreiuungs-, Bildungs- wéi och an der Sportinfrastruktur.

D'Zäiten hu sech geännert an **zesumme** sti mir besser do fir d'Erausfuerderungen unzegoen. Mir, de Patrick an de Marc sti voll a ganz zur Fusioun an hoffen, Dir gitt mat eis op dee Wee.

Merci.



(Patrick Antony, Schäffen an der Gemeng Wal; Marc Goelff, Schäffen an der Gemeng Groussbus)